Collier en grenat vert, agate, malachite, turquoise, lapis-lazuli, hyolite, coquillage, perles de culture, perles rocaille, nylon, coton

DMDM__Catalogue_2021def.indd 208 03/11/2021 12:33

Sébastien CARRE



Photo : ©Milo Lee Photography

De franséischen zäitgenëssesche Bijouteries-kënschtler Sébastien Carré lieft a schafft zu Stroossbuerg. Nom Ofschloss vu sengem Studium an der plastescher Konscht op der HEAR (École supérieure des arts décoratifs de Strasbourg) gouf hie mat ville Präisser an Auszeechnunge geéiert.

2015 ass hien ënnert de Laureate vum Prix de la jeune création métiers d'art vun den Ateliers d'Art de France, vum Präis Gioielli in Fermento (italienesche Präis fir zäitgenëssesch Bijouen) a gouf beim Legacy Award, organiséiert vun der Galerie Alliages, direkt zweemol ausgezeechent (Präis vum Jury a Präis vum Publikum). 2016 kritt hien och de Präis fir Konscht vun der Rheinischen Akademie a gëtt Zweete beim Präis Enjoia't (Präis fir zäitgenëssesch Bijouterie zu Barcelona).

Säit hien 2014 säin Diplom krut, huet de Sébastien Carré seng Wierker an iwwer 110 Ausstellungen a Muséeën, Galerien, Schoulen oder Associatiounen an Europa, Amerika an an Asie gewisen.

Den zäitgenëssesche Bijou ass fir de Kënschtler e Moyen, fir sech auszedrécken, mee och fir iwwer sech selwer a säin Ëmfeld ze meditéieren. A senge Bijoue verbënnt hien d'Welt vun de Planzen, Déieren a Mineralie mat organeschen oder landschaftleche Formen. Duerch d'Vermësche vun dësen interaktive Matièrë belieft hien e Kierper, deen an eiser iwwerconnectéierter Gesellschaft dozou tendéiert, méi onsensibel ze ginn.

Artiste du bijou contemporain français, Sébastien Carré vit et travaille à Strasbourg. Après l'obtention de son diplôme supérieur d'arts plastiques au sein de la HEAR (l'École supérieure des arts décoratifs de Strasbourg), il accumule de nombreux prix et distinctions.

En 2015, il est l'un des lauréats du Prix de la jeune création métiers d'art par Ateliers d'Art de France, du prix Gioielli in Fermento (prix italien pour le bijou contemporain) et un double prix au Legacy Award organisé par la galerie Alliages (Prix du jury + public). En 2016, il est également décoré du Prix pour les Arts de l'Académie Rhénane et fini à la 2eme place du prix Enjoia't (Prix du bijou contemporain à Barcelone).

Depuis l'obtention de son diplôme en 2014, Sébastien Carré a exposé lors de plus de 110 expositions, dans des musées, galeries, écoles ou associations; en Europe, aux Etats-Unis & en Asie.

Le bijou contemporain est devenu pour l'artiste un moyen d'expression mais aussi de méditation sur lui-même et ce qui l'entoure. Végétal, animal et minéral sont combinés dans ces bijoux aux formes organiques ou de paysages. Mélanger ces matières interactives lui permet de réveiller un corps qui tend à être plus insensible en raison d'une société surconnectée.

Sébastien Carré is a French contemporary jewellery artist who lives and works in Strasbourg. After obtaining his higher diploma in plastic arts at the HEAR (École supérieure des arts décoratifs de Strasbourg), he accumulated numerous awards and distinctions.

In 2015, he was one of the winners of the Prix de la jeune création métiers d'art by Ateliers d'Art de France, the Gioielli in Fermento prize (Italian prize for contemporary jewellery) and a double prize at the Legacy Award organised by the Alliages gallery (Jury prize + public). In 2016, he was also awarded the Prize for the Arts of the Rhineland Academy and finished 2nd in the Enjoia't Prize (Prize for contemporary jewellery in Barcelona).

Since graduating in 2014, Sébastien Carré has exhibited in more than 110 exhibitions, in museums, galleries, schools or associations; in Europe, the United States & Asia.

Contemporary jewellery has become for the artist a means of expression but also of meditation on himself and his surroundings. Vegetal, animal and mineral are combined in these jewels with organic or landscape forms. Mixing these interactive materials allows him to awaken a body that tends to be more insensitive due to an overconnected society.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 209 03/11/2021 12:33




Photo : © Lise Gonthier

Tableau en verre soufflé
2020
65 x 70 cm

DMDM__Catalogue_2021def.indd 210 03/11/2021 12:33

Lise GONTHIER



Photo : © Lise Gonthier

D'Lise Gonthier gouf 1981 a Frankräich gebuer. Si zeechent a moolt vu Klengem un, sou datt e Studium an den Arts Appliqués am Zeechnen an an der Keramik fir si e ganz natierleche Wee war. Si studéiert duerno nach weider 3 Joer Molerei op der Konschtakademie.

E Besuch an engem Glasbléiser-Atelier huet si faszinéiert. D'Liicht, d'Transparenz, de physeschen Aspekt, den direkte Kontakt mam Material Glas féiert si schliisslech un de Cerfav (Centre européen de recherches et de formation aux arts verriers), wou si sech an der Glasbléiserei spezialiséiert. No e puer Stagen a Frankräich an am Ausland mécht si 2008 hiren Atelier am Süde vu Frankräich op .

Zanter 2014 schafft si mat Architekten an Dekorateuren zesummen. Si ass an enger Rei vu franséischen an internationale Galerië vertrueden.

Lise Gonthier est née en France en 1981. Depuis l'enfance elle dessine, peint et s'oriente naturellement dans des études en Arts Appliqués en dessin et céramique. Elle poursuit ses études aux Beaux Arts en peinture pendant 3 années.

Une visite dans un atelier de soufflage la fascine. La lumière, la transparence, l'aspect physique, la rencontre directe avec la matière verre l'a conduite au Cerfav (centre européen de recherches et de formation aux arts verriers) en se spécialisant dans le soufflage. Après plusieurs stages en France et à l'étranger elle ouvre son atelier dans le Sud de la France en 2008 .

Elle travaille depuis 2014 en collaboration avec des architectes et des décorateurs. Elle est représentée dans plusieurs galeries françaises et à l'international.

Lise Gonthier was born in France in 1981. She has been drawing and painting since she was a child therefore she naturally chose to study Applied Arts and ceramics and then painting at Beaux-Arts for 3 years.

A visit to a glass blowing workshop fascinated her. Light, transparency, the physical aspect, the direct encounter with the material glass led her to Cerfav (European center for research and training in the glass arts) specializing in blowing. After several internships in France and abroad, she opened her workshop in the South of France in 2008.

She has been working since 2014 in collaboration with architects and decorators. She is represented in several French and international galleries.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 211 03/11/2021 12:33



Photo : ©Myriam Greff

VERRE À SAKÉ EN PORCELAINE D'IMARI
Kintsugi traditionnel : laque du Japon et or 24 carats
2021
Hauteur 6cm, Ø 4,5 cm

DMDM__Catalogue_2021def.indd 212 03/11/2021 12:33

Myriam GREFF



Photo : ©Factory Montluçon

D'Myriam Rossini-Greff ass 1985 zu Nice gebuer. No engem Master an der Patrimoine-Restauratioun vun der Ecole de Condé (Paräis) schafft si an enger éischter Phas fir Institutiounen an Antiquairen. Hir Passioun fir d'Keramik féiert si dozou, sech am Kintsugi ze spezialiséieren, enger traditioneller japanescher Restauratiounstechnik, där hir Philosophie doranner besteet, duerch d'Ervirhiewe vu Kräck Schéines ze erschafen.

D'Myriam benotzt dofir eedel Matièren (Gold, urushi-Lack, Räisläim, e Polver aus Toun, dee „Sabi" genannt gëtt…) a jorhonnertenal Techniken (Schläife mat Magnolienholzkuel, Bestreeë mat Bambus-Funzutsu, Poléiere mat Achat…). D'Konscht vum Kintsugi baséiert op Gedold, Gewëssenhaftegkeet a Prezisioun (beim Doséiere vun de Materialien, der Loftfiichtegkeet, der Temperatur, dem Pinselstréch…).

Et ass och eng Konscht vun der Nohaltegkeet, well se op Recyclage an Upcycling berout, andeem futtis Objeten neit Liewen an eventuell eng nei Verwendung kréien an nëmmen ëmweltfrëndlech Komponenten agesat ginn.

Begeeschtert vun dëser Technik an all hiren Uwendungen hat d'Myriam d'Iddi, se fir kreativ Zwecker ze notzen. Net méi ausschliisslech fir d'Restauratioun, mee och fir d'Kreatioun vun neien Objeten, Dekoratioun an Design.

—

Myriam Rossini-Greff est née en 1985 à Nice. Après un Master de Restauration du Patrimoine à l'Ecole de Condé (Paris), elle commence par travailler pour les institutions et les antiquaires. Passionnée par la matière céramique, elle se spécialise dans le Kintsugi, une technique de restauration traditionnelle japonaise, qui a pour philosophie de souligner les fêlures pour créer du beau.

Pour ce faire, Myriam emploie des matières nobles (l'or, la laque Urushi, la colle de riz, une poudre de terre cuite appelée « Sabi »…) et des techniques ancestrales (le ponçage au charbon de magnolia, le saupoudrage au Funzutsu de bambou, le polissage à l'agate…). Le Kintsugi est un art basé sur la patience, la méticulosité et la précision (du dosage des matériaux, de l'hygrométrie, de la température, du trait de pinceau…). C'est aussi un art du développement durable, puisqu'il se fonde sur le recyclage et l'upcycling, qu'il redonne vie et potentiellement usage à des objets brisés, en utilisant uniquement des composantes ecofriendly.

Passionnée par cette technique et par toutes ses applications, Myriam a eu l'idée de la détourner à des fins créatives. Non plus seulement pour restaurer, mais pour permettre la création de nouveaux objets, de décoration et de design.

—

Myriam Rossini-Greff was born in the city of Nice, France, in 1985. She graduated from the famous Art and Design "Condé" School in Paris, where she specialized in Heritage Restoration. She started working for patrimonial institutions and antique dealers, and, as she was very fond of ceramics, she soon developed her skills in Kintsugi, a traditional Japanese restoration art, whose philosophy is to create beauty out of stressing cracks and flaws.

In order to do so, Myriam uses only noble materials (gold, specific Urushi lacquer, rice glue, earthy "Sabi" powder…) and ancestral techniques (magnolia charcoal sanding, bamboo Funzutsu sprinkling, agate polishing…). Kintsugi is an art based on patience, meticulousness and precision - in the quantity of materials, of hygrometry, temperature, brush-stroke…

It's also an art of sustainable development, based on recycling and upcycling, that gives a new life and possibly a new use to broken things, using only eco-friendly components.

Myriam is so fond of this art that she's had the idea to divert it from its original aim and to use it for creative purposes. No longer to restore, but yet to create new objects of decoration and design.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 213 03/11/2021 12:33



Photo : ©Clarisse Gadreau

CYANÉ
2021
Plumes d'autruche et d'oie, plâtre, techniques mixtes
Ø 14 cm et 105 cm de traîne

DMDM__Catalogue_2021def.indd 214 03/11/2021 12:33

Marion Hawecker



Photo : ©Yoann Hector

D'Marion Hawecker, 1986 zu Stroossbuerg (Frankräich) gebuer, ass bildend Kënschtlerin a „Plumassière“ (Fiederkëschtlerin). Si lieft a schafft den Ament zu Dole am Jura (Frankräich). Déi geléiert Architektin fänkt am Joer 2015 un, d'Fiederkonscht am Lycée Octave Feuillet zu Paräis a bei der Maison Lemarié ze léieren, a schafft fir Prêt-à-porter an Haute Couture-Haiser am Luxusberäich.

Mat hirem Schafen hannerfreet si haut d'Konzept „Natur“, eis Bezéiung zu deem Liewegen, zu der net mënschlecher Welt ronderëm eis, mat där mir bewosst oder onbewosst Verbindungen aginn. Duerch d'Erfuersche vu Mythen, animistesche Kosmogonien an hir eege Perceptioun wieft si mat ënnerschiddleche Produktiounsformen an Experimenter mat Vullefiederen duerch Imitatioun, Mimikry, Formenanalogien an Evokatiounen onsichtbar Fiedem tëscht dëse Welten.

D'Marion Hawecker ass faszinéiert vun dësem Material, dat vum Déier staamt a si physesch mat deem Liewege verbënnt. Si setzt et deemno an de Mëttelpunkt vun dëser Geschicht, déi si mat hirem Ëmfeld a mat den onendlech ville Liewen, déi mat eis koexistéieren, nei erziele wëll. Egal ob eis Verbindung duerch d'Elementer, d'Stären, d'Mineralien, d'Déieren oder d'Planzen zustane kënnt, d'Kënschtlerin observéiert se a gëtt se op eng intimistesch Manéier mat hire Gefiller, Dreem vu Metamorphosen a Kräizungen tëschent den Aarten erëm.

Marion Hawecker, née à Strasbourg (France) en 1986, est artiste plasticienne et plumassière. Elle vit et travaille actuellement à Dole, Jura (France). Architecte de formation, elle part s'initier en 2015 au savoir-faire de la plumasserie au lycée Octave Feuillet à Paris et au sein de la Maison Lemarié, œuvrant pour les maisons de prêt-à-porter de luxe et de haute couture.

Elle interroge aujourd'hui par sa pratique le concept de "Nature", notre rapport au Vivant, au monde non-humain qui nous environne et avec lequel nous entretenons des connexions conscientes ou non. En parcourant les mythes, les cosmogonies animistes et sa propre perception, elle tisse des fils invisibles entre ces mondes par imitation, mimétisme, analogies de formes et évocations silencieuses à travers différentes formes de production et d'expérimentations autour de la plume d'oiseau.

Marion Hawecker porte une fascination pour cette matière animale qui la relie physiquement au Vivant, en l'inscrivant au cœur de ce récit qu'elle tente de réécrire avec son environnement et avec ces infinités de vies qui coexistent avec nous. Qu'il soit d'ordre élémentaire, sidéral, minéral, animal ou végétal, elle observe ce lien et le restitue de manière intime à travers ses sensations, ses rêves de métamorphoses et d'hybridations inter espèces.

Marion Hawecker, born in Strasbourg (France) in 1986, is a visual artist and a feather worker. She currently lives and works in Dole, Jura (France). Trained as an architect, she left in 2015 to learn the skills of feather making at the Octave Feuillet high school in Paris and at the Maison Lemarié, working for luxury ready-to-wear and haute couture houses.

Today, through her practice, she questions the concept of "Nature", our relationship with the Living, the non-human world that surrounds us and with which we maintain conscious or unconscious connections. By exploring myths, animist cosmogonies and her own perception, she weaves invisible threads between these worlds through imitation, mimicry, analogies of forms and silent evocations through different forms of production and experimentation around the bird feather.

Marion Hawecker has a fascination for this animal material which physically links her to the Living, by inscribing it at the heart of the narrative she is trying to rewrite with her environment and with the infinite number of lives that coexist with us. Whether it is elementary, sidereal, mineral, animal or vegetal, she observes this link and restores it in an intimate way through her sensations, her dreams of metamorphoses and inter-species hybridations.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 215 03/11/2021 12:33



Photo : ©Janaïna Milheiro

CLAM 1 (détail)
2021
Plumes de dindes et d'oies
140 x 210 cm

DMDM__Catalogue_2021def.indd 216 03/11/2021 12:33

Janaïna Milheiro



Photo : © Romain Ricard

Eng eenzegaarteg an zäitgenëssesch Approche an der Fiederkonscht.

An hirem Paräisser Atelier kreéiert a realiséiert d'Janaïna Milheiro Wierker aus Vullefiedere fir d'Luxusindustrie: Moud an Dekoratioun. Ëmgi vun Handwierker an Designer entwéckelt si zanter 2011 hiren eegenen Knowhow a proposéiert eng perséinlech an innovativ Visioun vun de Vullefiederen. Eng experimentell an technesch Approche, déi zum Dreemen a Staunen aluet. D'Kënschtlerin, déi an der handwierklecher an an der industrieller Textiltechnik ausgebilt ass, entwërft fir Haute Couture-Defiléë surreell wierkend Spëtz aus Fiederen, Seid, déi aus Fiedere gewieft ass, Flilleken aus Fiederen, awer och dräidimensionalen Netzer a reegelrecht Skulpturen aus Fiederen...

D'Janaïna Milheiro, 1985 zu Rio de Janeiro a Brasilie gebuer, huet déi franséisch Nationalitéit. Si huet en Diplom am Textildesign vun der ENSCI – Les Ateliers (Paräis, 2010), an der Broderie vun der ESAA Duperré (Paräis, 2007), a gouf mam Grand Prix de la création de Paris (2015) ausgezeechent.

Une approche singulière et contemporaine de la plumasserie.

Dans son atelier parisien, Janaïna Milheiro crée et réalise des pièces en plumes d'oiseaux pour le secteur du luxe : mode et décoration. Depuis 2011, entourée d'artisans et de designers, elle élabore ses propres savoir-faire pour proposer une vision personnelle et innovante des plumes d'oiseaux. Une approche expérimentale et technique pour faire rêver et s'émerveiller. Formée aux techniques textiles artisanales et industrielles, elle propose, pour les défilés haute couture, des dentelles improbables de plumes, des soieries tissées de plumes, des ailes de plumes, mais aussi des réseaux tridimensionnels et de véritables sculptures de plumes...

Née en 1985 à Rio de Janeiro, Brésil, de nationalité française, Janaïna Milheiro est diplômée du département de design textile de l'ENSCI – Les Ateliers (Paris, 2010), de l'ESAA Duperré en broderie (Paris, 2007), lauréate des Grands Prix de la création de Paris (2015).

A unique and contemporary approach to featherwork.

In her Parisian workshop, Janaïna Milheiro creates and produces pieces in bird feathers for the luxury sector: fashion and decoration. Since 2011, surrounded by craftsmen and designers, she has been developing her own know-how to offer a personal and innovative vision of bird feathers. An experimental and technical approach to make people dream and marvel. Trained in artisanal and industrial textile techniques, she proposes, for haute couture shows, improbable feather laces, silk fabrics woven from feathers, feather wings, but also three-dimensional networks and real feather sculptures...

Born in 1985 in Rio de Janeiro, Brazil, of French nationality, Janaïna Milheiro is a graduate of the textile design department of ENSCI - Les Ateliers (Paris, 2010), of ESAA Duperré in embroidery (Paris, 2007), laureate of the Grands Prix de la création de Paris (2015).

DMDM__Catalogue_2021def.indd 217 03/11/2021 12:33




Photo : ©Etienne Lobelson

ENTROPIE
2020
Impression 3d et Kanshitsu
Résine de soja, laque végétale, terre et chanvre
80 x 20 x 65 cm

DMDM__Catalogue_2021def.indd 218 03/11/2021 12:33

Nicolas PINON



Photo : ©Zenon FBS

De Nicolas Pinon, deen eng Formatioun an der Konschtschreinerei vun der École Boulle huet, entdeckt de planzleche Lack urushi um Enn vu senge Studien. Hien hat d'Chance, eng Ausbildung a Japan beim Meeschter Nagatoshi Onishi ze maachen. Am Laf vu senge ville Reesen an eng Partie Stied a Japan huet hie mat Handwierker zesummegeschafft, fir seng Lacktechnik auszebauen. Nodeem hie sech zu Paräis niddergelooss huet, entwéckelt hien eng nei Visioun vum urushi-Lack, andeem e seng westlech Kultur abréngt a gläichzäiteg déi traditionell japanesch Lacktechnike respektéiert. Seit 2018 schafft hie mam Designer Dimitry Hlinka zesummen, fir sech nei Konzepter auszedenken. Zesummen hu si den Heizkierper Entropie an d'Téikan Tipotto kreéiert. Fir dës zwee Stécker benotze si en neien thermochromesche planzleche Lack, dee si mat engem Lackhiersteller zu Kyoto entwéckelt hunn. 2020 goufe si allen zwee mam Präis "Dialogues" am Kader vum "Prix Liliane Bettencourt pour l'intelligence de la main" ausgezeechent.

Formé en ébénisterie à l'école Boulle, Nicolas Pinon découvre la laque végétale urushi à la fin de ses études. Il a eu la chance de se former au Japon auprès du maître Nagatoshi Onishi. Au cours de ces nombreux voyages dans plusieurs villes du Japon il a collaboré avec des artisans pour faire évoluer sa technique de laque. Installé à Paris il développe une nouvelle vision de la laque urushi mêlant sa culture occidentale tout en respectant les techniques traditionnelles de laque japonaise. Depuis 2018 il collabore avec le designer Dimitry Hlinka pour réfléchir à de nouveaux concept. Ils ont créé ensemble le radiateur Entropie et la théière Tipotto. Ces deux pièces utilisent une nouvelle laque végétale thermochromique qu'ils ont développé avec un fabriquant de laque à Kyoto. Ils ont été distingués tous les deux en 2020 par la récompense Dialogues dans le cadre des Prix Liliane-Bettencourt pour l'intelligence de la main.

Trained in cabinet making at the Boulle school, Nicolas Pinon discovered urushi lacquer at the end of his studies. He had the chance to train in Japan with the master Nagatoshi Onishi. During his numerous trips to several Japanese cities, he collaborated with craftsmen to develop his lacquer technique. Now living in Paris, he is developing a new vision of urushi lacquer, combining his western culture with traditional Japanese lacquer techniques. Since 2018 he has been collaborating with the designer Dimitry Hlinka to develop new concepts. Together they have created the Entropie radiator and the Tipotto teapot. These two pieces use a new thermochromic vegetable lacquer that they developed with a lacquer manufacturer in Kyoto. They were both awarded the "Dialogues" prize as part of the "Prix Liliane Bettencourt pour l'intelligence de la main" in 2020.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 219 03/11/2021 12:33



Photo : ©Okamoto Satoshi

LE VERSEAU
2016
Verre, feuille d'argent et feuille d'or
30 x 18 x 10 cm

DMDM__Catalogue_2021def.indd 220 03/11/2021 12:34

Okamoto Satoshi



Photo : ©Okamoto Satoshi

Vun 1998 bis 2001 léiert den Okamoto Satoshi mat der Glasmécherpäif ëmzegoen, a suivéiert eng Formatioun op der Meisei-Universitéit a Japan. No sengem Ofschloss an der Glaskonscht sammelt hie wärend 2 Joer vill Erfarung als Assistent beim japanesche Glasmeeschter Ito Kenji. Duerno reest hien a Frankräich, fir seng Recherchen an der Konscht ze verdéiwen, säi kreative Geescht weiderzeentwéckelen a seng Aarbecht an Europa virzestellen. 2008 decidéiert de Satoshi, säin Atelier zu Reuilly, matten am Berry, ze installéieren.
De Satoshi realiséiert Skulpture mat ënnerschiddleche Formen aus Glas, dat bei iwwer 1150 Grad geschmolt gëtt. Bei senger Sich no originelle Matièrë spillt hie mat de Kontraster tëschent rauer, stompeger Opacitéit a glater, blénkeger Transparenz.
Hien huet eng Superpositiounstechnik erfonnt, déi hien als Eenzege praktizéiert: Bei senger Aarbecht alternéiert hien déck Placken aus Sëlwer mat faarwege Schichten aus pulveriséiertem Glas.
No engem Bakprozess am Uewen, dee bis zu zéng Deeg dauere kann, schneit hie verschidde Beräicher mam Diamant un, sou datt beim Poléieren déi eenzel Schichten a Réng mat ënnerschiddleche faarwege Beräicher zum Virschäi kommen.
Dës Technik ass um Verschaffe vum Holz inspiréiert, bei där och d'Wuesstemsréng vum Bam sichtbar ginn.

Okamoto Satoshi est un jeune créateur verrier japonais né à Tokyo qui vit et travaille en France depuis 2003.
Ses œuvres sont le fruit de son aventure personnelle : elles reflètent à la fois sa formation, son parcours artistique, et un partage de culture influencée par sa vie en France.
Okamoto Satoshi apprend à manier la canne, de 1998 à 2001, il suit une formation à l'université Meisei au Japon. Après avoir obtenu une licence d'art du verre, il multiplie les expériences d'assistant chez le maître verrier japonais Ito Kenji durant 2 années. Il part ensuite en France pour approfondir ses recherches sur l'art, développer son sens créatif et présenter son travail en Europe. En 2008, Satoshi décide d'installer son atelier à Reuilly au cœur du Berry.
Satoshi réalise des sculptures de formes variées en utilisant du verre en fusion à plus de 1150 degrés. Ses recherches de matières originales jouent sur les contrastes entre l'opacité rugueuse mate, et la transparence lisse brillante.
Il a inventé une technique de superposition qu'il est seul à pratiquer : il travaille en alternant des feuilles d'argent épaisses, avec des couches de verre coloré en poudre.
Après une recuisson au four qui peut durer dix jours, il taille certaines zones au diamant, faisant apparaître au polissage les couches successivement alternées, révélant des cernes de plusieurs plages colorées.
Cette technique lui a été inspiré par le travail du bois qui dévoile les anneaux de croissance de l'arbre.

Okamoto Satoshi is a young Japanese glass designer born in Tokyo who has been living and working in France since 2003.
Okamoto Satoshi learnt to handle the cane, from 1998 to 2001. He followed a training at the Meisei University in Japan. After obtaining a degree in glass art, he assisted the Japanese master glass artist Ito Kenji for two years. He then moved to France to deepen his knowledge of art, develop his creativity and exhibit his work in Europe. In 2008, Satoshi decided to set up his workshop in Reuilly in the heart of Berry.
Satoshi creates sculptures of various shapes using glass melted at more than 1150 degrees. Thanks to the use of original materials, his work shows a contrast between the rough matte opacity and the smooth shiny transparency.
Satoshi has become a master of the superimposition technique that he invented. It consists in alternating thick sheets of silver with layers of powdered coloured glass.
After annealing in the kiln for up to ten days, he cuts certain areas with a diamond, revealing the successive layers when polished, revealing rings of several coloured areas.
This technique was inspired by woodworking, which reveals the tree's growth rings.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 221 03/11/2021 12:34



Photo : ©Anthony Girardi

VILLE
2016
Trois-cent-cinquante miniatures en porcelaine tournées, émaillées
120 x 25 x 13 cm

DMDM__Catalogue_2021def.indd 222 03/11/2021 12:34

Grégoire SCALABRE



Photo : ©Anthony Girardi

—

De Grégoire Scalabre ass en zäitgenëssesche franséische Keramikkënschtler a Sculpteur.

Seng Inspiratioun fënnt hien haaptsächlech an der Welt vun der Architektur an der Industrie, der Architektur vun de franséische Monumenter an der Bildhauerkonscht.

Als éischter atypesche Kënschtler an der haiteger Kulturzeen duerchbrécht de Grégoire Scalabre d'Grenze vun der Keramikkonscht. Hie stellt sech den Erausfuerderunge vum Material a schaaft ëmmer erëm nei Formen: vu verspreet bis kumuléiert, vun dynamesch bis monumental. D'Architektur an d'Metallurgie liwweren him dobäi d'Basis.

Mat „Mouvement perpétuel", senge rezente Kreatiounen, setzt de Grégoire Scalabre säin Knowhow an eng Architektur- a Kierpersprooch ëm. Duerch d'Schaffe mat der Dréischeif an der Plackentechnik, duerch en akribescht Modelléieren an en exakte Montage entsteet en Zesummespill vu gebrachene Linnen an oppene Béi. Mat Hëllef vun enger innovativer Beschichtungstechnik op Basis vu Marberstëbs kritt dat lerdent e mineraleschen Touch.

De Grégoire Scalabre lieft a schafft zu Paräis.

—

Grégoire Scalabre est un céramiste et sculpteur contemporain français.

Son univers artistique s'inspire largement de l'architecture et du monde industriel, du patrimoine architectural des monuments français et de l'univers statuaire.

Figure atypique du paysage contemporain, Grégoire Scalabre repousse sans cesse les limites de la céramique. L'artiste défie la matière pour offrir un répertoire de formes constamment renouvelé : du registre de la dissémination et de l'accumulation, à celui du dynamisme et du monumental, en passant par l'architecture et la métallurgie.
Avec « Mouvement perpétuel », les dernières créations de Grégoire Scalabre, le céramiste met son savoir-faire au service d'un vocabulaire à la fois architectural et corporel. Tournage, travail à la plaque, modelage et assemblage minutieux donnent naissance à un jeu de lignes brisées et de courbes franches. Grâce à une technique innovante de revêtement à base de poudre de marbre, un point final est accordé à la minéralité.

Grégoire Scalabre vit et travaille à Paris.

—

Grégoire Scalabre is a French ceramist and contemporary sculptor.

His artistic world is broadly inspired by architecture and industry, by architectural heritage of French monuments and by statuary art.

As an atypical figure in the current art scene, Grégoire Scalabre continually widens the limits of ceramics. The artist challenges the material towards a constantly renewed repertoire of shapes : from scattering and accumulation to dynamism and monumentality, including architecture and metallurgy.

With his latest creations« Endless Movement », the ceramist applies his know-how to a both architectural and bodily vocabulary. Meticulous throwing, slab building, modeling and assemblage create a set of broken lines and open curves. Minerality gets the final touch, thanks to an innovative technique of marble-powder covering.

Grégoire Scalabre lives and works in Paris.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 223 03/11/2021 12:34



Photo : © Silver Sentimenti

PARADE
2020-21
Coupe plate en porcelaine de Bavière chamotte, broderies en cuirs d'agneau métallisées or, bronze et argent, patine à la feuille d'or jaune 22K et or vert 18K, sequins en laiton

DMDM__Catalogue_2021def.indd 224 03/11/2021 12:34

Silver Sentimenti



Photo : ©Julien Crespin

De Silver Sentimenti, 1970 an Italien gebuer, interesséiert sech zënter senger Kandheet fir Konscht an hëlt scho ganz fréi Coursen an der Uelegmolerei bei lokale Moler. Hie kritt en Diplom an der Keramikskulptur an der École des Arts Appliqués, dem Istituto Gaetano Ballardini vu Faenza, an duerno nach en Diplom als Bühnebildner op der École des Beaux-Arts vu Bologna. Seng Formatioun als Bildhauer a Bühnebildner féieren hie bei de Kostümdesign fir de Kino an de Spektakel. Hien huet laang mat franséischen Haiser vun der Haute Couture a mat Kreateure vu Kostümer zesummegeschafft.

A senger aktueller Aarbecht wëllt hien eng Synthees vun deene verschiddenen Disziplinnen, déi op sengem Parcours leien, ausdrécken. Zënter 2014 konzentréiere seng perséinlech Recherchë sech nees op d'Keramikkreatioun duerch d'Ausübe vum Dréien an der Skulptur. Hien exploréiert duerch d'Gestë vun dëse verschiddene Praktiken de Lien tëscht der Matière an dem Volume, an enger plastescher Recherche, déi mam Buedem d'Vereedelung vun Textilbehandlunge wéi d'Broderie oder d'Wiewe verbannen.

Silver Sentimenti, né en Italie en 1970, s'intéresse depuis l'enfance à l'art et suit très tôt des cours de peinture à l'huile auprès de peintres locaux. Il obtient un diplôme en sculpture céramique à l'Ecole des Arts Appliqués, l'Istituto Gaetano Ballardini de Faenza, suivi d'un diplôme de scénographie à l'École des Beaux-Arts de Bologne. Sa formation de plasticien et de scénographe l'amène à la pratique de la couture et du costume pour le cinéma et le spectacle. Il a longtemps collaboré avec des maisons françaises de Haute Couture et des créateurs de costumes.

Son travail actuel se focalise sur l'expression d'une synthèse entre les différentes disciplines qui ont jalonné son parcours. Depuis 2014 ses recherches personnelles se concentrent à nouveau sur la création céramique par la pratique du tournage et de la sculpture. Il explore à travers les gestes de ces différentes pratiques, le lien entre la matière et le volume, dans une recherche plastique liant à la terre l'ennoblissement des traitements textiles comme la broderie et le tissage.

Silver Sentimenti, born in Italy in 1970, is interested since childhood in art and very soon followed oil painting classes with local painters. He obtained a diploma in ceramic sculpture at the School of Applied Arts, the Istituto Gaetano Ballardini in Faenza, followed by a degree in scenography at the School of Fine Arts in Bologna. His training as a visual artist and scenographer brings him to the practice of sewing and costume for the cinema and the show. He has long collaborated with French Haute Couture houses and costume designers.

His current work focuses on expressing a synthesis between the different disciplines that have marked his career. Since 2014 his personal research focuses again on ceramic creation through the practice of carving and sculpture. Through the gestures of these different practices, he explores the link between matter and volume, in a plastic research linking the earth to the ennobling of textile treatments such as embroidery and weaving.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 225 03/11/2021 12:34

Les écoles européennes

D'Iwwerdroe vu Wëssen a Kënnen an d'Formatioun stinn dëst Joer besonnesch am Mëttelpunkt mat der Presentatioun vun de Wierker vu Schüler aus véier groussen europäesche Konschthéichschoulen, déi glécklecherweis nach alleguer iwwer Produktiounsateliere verfügen. Et sinn dëst d'Cambre (Bréissel), d'HEAR (Stroossbuerg), d'Textil-Sektioun vun der Héichschoul Tréier an d'ECAL (Lausanne). Eng gutt Aart a Weis, fir all Zort vu Publikum, a besonnesch déi Jonk, dofir ze sensibiliséieren, d'Matière, oder vill méi d'Matièren, op eng modern an ongewinnte Manéier ze verschaffen, an ze weisen, datt d'Handwierk nach laang net dout ass a sech, ganz am Contraire, nees nei erfonnt huet a sech schonn op déi nei Erausfuerderunge vu muer virbereet. Ass et op der Grenz tëscht Konscht an Handwierk an enger Welt, déi sech déifgräifend verännert, net un der Zäit, d'Zukunft vum Konschthandwierk an d'Hänn vun de jonke Generatiounen ze leeën, deenen et bestëmmt gelénge wäert, Traditioun a Modernitéit mateneen ze verbannen an dobäi och, wann et néideg ass, déi nei Technologien ze integréieren?

Transmission et formation sont particulièrement à l'honneur cette année avec la présentation de réalisations d'élèves venant de quatre grandes écoles européennes d'arts appliqués, toutes encore bienheureusement dotées d'ateliers de production : LA CAMBRE (Bruxelles), Trier University of Applied Sciences, la HEAR (Strasbourg) et l'ECAL (Lausanne). Une bonne manière de sensibiliser tous les publics et particulièrement les jeunes à une approche contemporaine et renouvelée du travail de la matière… ou plutôt des matières et de montrer que l'artisanat, loin d'être mort, sait se réinventer et se prépare déjà à affronter les nouveaux défis de demain. Aux confins de l'art et de l'artisanat, dans un monde en profonde transformation, n'est-il pas temps de confier l'avenir des métiers d'art aux jeunes générations qui sauront, n'en doutons pas, faire se rencontrer tradition et modernité et intégrer, s'il le faut, l'avènement des nouvelles technologies ?

DMDM__Catalogue_2021def.indd 226 03/11/2021 12:34

Transmission and training are particularly in the spotlight this year with the presentation of works by students from four major European schools of applied arts, all of which still have production workshops: LA CAMBRE (Bruxelles), Trier University of Applied Sciences, la HEAR (Strasbourg) et l'ECAL (Lausanne). This is a good way of raising awareness among all audiences, and particularly among young people, of a contemporary and renewed approach to working with material... or rather materials, and of showing that craftsmanship, far from being dead, knows how to reinvent itself and is already preparing to face the new challenges of tomorrow. On the borders of art and craft, in a world undergoing profound transformation, isn't it time to entrust the future of the crafts to the younger generations who will, no doubt, be able to bring together tradition and modernity and integrate, if necessary, the advent of new technologies?

DMDM__Catalogue_2021def.indd 227 03/11/2021 12:34

La Cambre

école nationale supérieure des arts visuels, bruxelles

D'ENSAV, d'École nationale supérieure des arts visuels de La Cambre, ass eng vun de bedeitendste Schoule fir Konscht an Design an der Belsch. 750 Studenten a Studentinne ginn hei an zwanzeg Departementer oder Konschtatelieren ausgebilt: Keramik, Animatiounsfilmer, Zeechnen, Stadbild, Drockgrafik, Molerei, Fotografie, Skulptur. Et gëtt och en Departement fir Konschtrestauratioun an, am Design, d'Optiounen industriellen Design an Textildesign, Buch- a Pabeierdesign, Innenarchitektur, Zeenografie, Accessoiren, Moudedesign an zwee Grafikdepartementer –grafesch a visuell Kommunikatioun, Typografie. Zwee nei Mastercoursë koumen derbäi: am September 2020 de Cours „Texter a kreatiivt Schreiwen" an am September 2021 „Danz a Choreografie".

Dës Konschthéichschoul gëtt vun der Fédération Wallonie-Bruxelles organiséiert an ass Member vum Pôle académique de Bruxelles a vun der transdisziplinärer Plattform ARTes mam Conservatoire royal de Bruxelles an der INSAS (Kino, Musek, Theater). D'Partnerschaft mat der Université Libre de Bruxelles (ULB) am Beräich vun der Fuerschung a verschiddene Coursë steet op enger zolitter Basis. Dës an aner Partnerschaften, national an international, institutionell a soziokulturell, am Beräich vun der Pedagogik, der Konscht, der Industrie an dem Handel, beräicheren d'Coursen a ginn an der Strukturéierung vum Enseignement berücksichtegt.

—

L'École nationale supérieure des arts visuels de La Cambre (ENSAV) est l'une des principales écoles d'art et de design de Belgique. Elle compte 750 étudiant·es réparti·es dans 20 départements ou ateliers artistiques : céramique, cinéma d'animation, dessin, espace urbain, gravure et image imprimée, peinture, photographie, sculpture, mais aussi un département de restauration des œuvres d'art et, dans le champ du design, les options design industriel et design textile, design du livre et du papier, architecture d'intérieur, scénographie, accessoires, stylisme et création de mode, ainsi que deux départements graphiques – communication graphique et visuelle, typographie. Deux nouveaux cursus se sont ouverts en septembre 2020 : Textes et création littéraire et en septembre 2021 : Danse et pratiques chorégraphiques (formations exclusivement organisées au niveau du Master).

La Cambre est une école supérieure des arts (ESA) organisée par la Fédération Wallonie Bruxelles. Elle est membre du Pôle académique de Bruxelles et associée, au sein de la plate-forme transdisciplinaire ARTes, au Conservatoire royal de Bruxelles et à l'INSAS (cinéma, musique, théâtre). Elle a développé un partenariat solide avec l'Université Libre de Bruxelles (ULB) sur le plan de la recherche et de certains enseignements. De nombreux autres partenariats, nationaux et internationaux, institutionnels, pédagogiques, artistiques, socioculturels, industriels et commerciaux, … alimentent et sont inscrits dans la structuration même de son enseignement.

—


The École nationale supérieure des arts visuels de La Cambre (ENSAV) is one of the main art and design schools in Belgium. It has 750 students in 20 artistic departments or workshops: ceramics, animation, drawing, urban space, engraving and printed image, painting, photography, sculpture, but also a department of restoration of works of art and, in the field of design, the options of industrial design and textile design, book and paper design, interior architecture, scenography, accessories, styling and fashion design, as well as two graphic departments - graphic and visual communication, typography. Two new courses opened in September 2020: Texts and Literary Creation and in September 2021: Dance and choreographic practices (courses organised exclusively at Master level).


La Cambre is a Higher School of the Arts (ESA) organised by the Wallonia-Brussels Federation. It is a member of the Pôle académique de Bruxelles and is associated, within the ARTes transdisciplinary platform, with the Royal Conservatory of Brussels and INSAS (cinema, music, theatre). It has developed a solid partnership with the Université Libre de Bruxelles (ULB) in terms of research and certain courses. Numerous other partnerships, national and international, institutional, educational, artistic, socio-cultural, industrial and commercial, … feed and are part of the very structure of its teaching.

—

DMDM__Catalogue_2021def.indd 228 03/11/2021 12:34













Magoux BAEYENS
Textile
Promo 2021

Lynn SCHOONBROODT
Céramique
Promo 2021

Elise DE MAIO
Design du livre
Promo 2021

Pauline BONNET
Céramique
promo 2020

Pierre-Louis GRAIZON
Accessoires
promo 2018

Abel EL TAYEB
Stylisme
Promo 2020

—

LACAMBRE.BE



DMDM__Catalogue_2021def.indd 229 03/11/2021 12:34

Hochschule Trier
Trier University of Applied Sciences

D'Trier University of Applied Sciences presentéiert dräi Wierker vu Master-Studenten aus dem Departement Moudedesign, déi ënnert der Leedung vun hirer Professesch Bettina Maiburg entstane sinn. D'Konzept vun der Ausstellung gouf vum Anna Kempf entwéckelt.

D'Diplomaarbecht mam Titel „You are your home" vum Irina Kempf ass en Hommage un dräi Generatioune vu Fraen aus hirer Familljegeschicht. Dës Kollektioun gëtt bestëmmt duerch üppeg, kostbar Seid, déi der Persoun, déi dës Kleeder dréit, onbegrenzte Fräiheet an Interpretatiounsspillraum a Bezuch op Stil a Beweegung gëtt. Pärelen, Pailletten, hiergestallt aus recycléiertem Plastik, nei Entwërf vu komplexe Broderien an innovative Finitiounen an eng qualitativ héichwäerteg Aarbecht ginn dëser Kollektioun en Air vun „Nouvelle Couture".

D'Svenja Kalz huet am Kader vun engem Master-Semester mam Titel „The Future will be confusing" Textilien a Matièrë studéiert. Iwwer de Wee vun Textil- an handwierklechen Technike mat ganz spezielle Charakteristiken huet si probéiert, d'Ambivalenz tëschent der Zougehéieregkeet zu enger Mass an der Individualiséierung auszedrécken. Am Mëttelpunkt vun hirer Aarbecht stoung d'Sich no Disharmonie an ästhetesche Konflikter. Dobäi huet si vill verschidden Techniken, wéi Wiewen, Knäppen, Stanzen, Brodéieren, Aquarell a Fototransfert benotzt an op eng innovativ Manéier matenee kombinéiert.

D'Diplomaarbecht vum Wiebke Busch „Let the Grass grow under your feet" ass en Hommage un d'Zäit, d'Handwierk, d'Natur an ass drop ausgeriicht, nohalteg kreativ Prozesser ze entwéckelen. Fir hir Aarbecht virzebereeden huet d'Wiebke e Stage an der Haute Couture-Textilfabrik Malhia Kent zu Paräis gemaach, fir mat ausgefeilte Wieftechnike Stëfter professionell hierzestellen. D'Faarwen an d'Mustere vun den Entwërf baséieren op der Beobachtung vun der Natur a vun de Géigenden, déi si op hire Reesen entdeckt huet. Um Enn vun dëser Rees zu sech selwer steet eng onpretentiéis Kollektioun, déi un eng Märercherswelt erënnert an eis erlaabt, d'Moud op eng ganz nei Aart a Weis ze gesinn.

L'Université des Sciences Appliquées de Trèves présente trois œuvres, créées par des étudiantes en master du département de design de mode, sous la supervision de leur professeur Bettina Maiburg. Le concept de l'exposition a été imaginé par Anna Kempf.

Le mémoire de maîtrise, intitulé "You are your home", d'Irina Kempf est un hommage à trois générations de femmes de son arbre généalogique. Cette collection est définie par des volumes de soies précieuses, donnant à la personne qui porte ces vêtements une liberté et une interprétation illimitées en matière de style et de mouvement. Des perles et des paillettes, créées à partir de plastique recyclé, de nouveaux modèles de broderies complexes et de finitions innovantes, ainsi qu'un travail de qualité donnent à cette collection des airs de nouvelle couture.
Svenja Kalz s'est consacrée à l'étude des textiles et des matériaux au cours d'un semestre de maîtrise ayant pour thème "The Future will be confusing". Par le biais de techniques textiles et artisanales, avec des caractéristiques spécifiques, elle a cherché à exprimer l'ambivalence entre l'appartenance à la masse et l'individualisation. La recherche de désharmonies et de conflits esthétiques était au coeur de son travail. De nombreuses techniques, telles que le tissage, le nouage, le poinçonnage, la broderie, l'aquarelle et le transfert de photos ont été utilisées et combinées de manière innovante.
Le mémoire de maîtrise de Wiebke Busch „Let the Grass grow under your feet" est un hommage au temps, à l'artisanat, à la nature et cherche à développer des processus créatifs durables. Pour préparer sa thèse, Wiebke a effectué un stage dans une usine de tissage de haute couture Malhia Kent à Paris, afin de créer professionnellement les textiles en utilisant des techniques de tissage sophistiquées. Les couleurs et les motifs des dessins imprimés sont issus des observations de la nature et des environnements qu'elle a découverts lors de ses voyages. Au terme de ce voyage vers elle-même, une collection sans prétention et aux allures de conte de fées a été créée, qui nous permet de porter un regard totalement nouveau sur la mode.

The Trier University of Applied Sciences is presenting three works created by master's students from the fashion design department under the supervision of their professor Bettina Maiburg. The concept of the exhibition was conceived by Anna Kempf.
Kempf's master's thesis, entitled "You are your home", is a tribute to three generations of women in her family tree. This collection is defined by volumes of precious silks, giving the wearer unlimited freedom and interpretation in style and movement. Beads and sequins, created from recycled plastic, new patterns of intricate embroidery and innovative finishes, and quality workmanship give this collection an air of nouvelle couture.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 230 03/11/2021 12:34

Svenja Kalz studied textiles and materials during a master's semester with the theme "The Future will be confusing". Using textile and craft techniques with specific characteristics, she sought to express the ambivalence between belonging to the mass and individualisation. The search for aesthetic disharmony and conflict was at the heart of her work. Many techniques, such as weaving, knotting, punching, embroidery, watercolour and photo transfer were used and combined in innovative ways.
Wiebke Busch's Master's thesis "Let the Grass grow under your feet" is a tribute to time, craft and nature and seeks to develop sustainable creative processes. In preparation for her thesis, Wiebke completed an internship at a Malhia Kent high fashion weaving mill in Paris, in order to professionally create the textiles using sophisticated weaving techniques. The colours and patterns of the printed designs are derived from observations of nature and the environments she has discovered on her travels. At the end of this journey to herself, an unpretentious and fairy-tale-like collection was created, which allows us to take a completely new look at fashion.



Irina KEMPF

Svenja KALZ

Wiebke BUSCH

—

HOCHSCHULE-TRIER.DE



DMDM__Catalogue_2021def.indd 231 03/11/2021 12:34

HEAR

HAUTE ÉCOLE DES ARTS DU RHIN

D'Haute École des Arts du Rhin HEAR ass eng franséisch Héichschoul fir Konscht an ënnersteet dem Kulturministère. Si bitt zwanzeg Ofschlëss an Ausbildungen un. Ronn 700 Studenten a Studentinne si beim HEAR ageschriwwen. Op dräi Sitten (zwee zu Stroossbuerg an een zu Mulhouse) gi Kënschtlerinnen a Kënschtler an de Beräicher vun den Arts plastiques (Konscht, Konscht-Objet, grafesch Kommunikatioun, Design, Textildesign, visuell Didaktik, Zeenografie, Illustratioun) an Interpreten, Komponisten a Komponistinnen am musikalesche Beräich ausgebilt.

D'HEAR ass fir hir breet gefächert Offer an hiren techneschen Ekipement bekannt, déi et de Studenten a Studentinnen erlaabt, e breede Spektrum u Praktiken ze entdecken an ze verdéiwen, woubäi si vu spezialiséierte Léierkräften encadréiert ginn. Zu Stroossbuerg ginn am Beräich Konscht-Objet Kënschtler ausgebilt, andeem se experimentell mat verschiddene Medie resp. Materialie schaffen (Schmuck, Holz, Buch, Metall, Keramik, Glas), déi an deene sechs Atelieren an de jeeweilege kënschtleresche Projete gläichwäerteg behandelt ginn.

Haute école des arts du Rhin

École supérieure artistique française, sous tutelle pédagogique du ministère de la Culture, la Haute école des arts du Rhin regroupe 700 étudiant·es et propose 20 diplômes et formations. Elle forme sur 3 sites différents, à Strasbourg et à Mulhouse, des créateurs et créatrices dans les domaines des arts plastiques (Art, Art-Objet, Communication graphique, Design, Design textile, Didactique visuelle, Scénographie, Illustration) et des interprètes, compositeurs ou compositrices dans le domaine musical.

La HEAR est reconnue pour la variété de ses ateliers et équipements techniques, permettant aux étudiant·es de découvrir ou d'approfondir un grand choix de pratiques, aux côtés d'enseignantes et d'enseignants spécialisés. Ainsi, à Strasbourg, la mention Art–Objet forme des artistes à travers la pratique expérimentale de différents médiums (Bijou, Bois, Livre, Métal, Terre/Céramique, Verre) portés par six ateliers qui partagent une même attention aux matériaux et à leur mise en œuvre dans l'élaboration du projet artistique.

Haute École des Arts du Rhin (HEAR)

A French Art School under the academic supervision of the Ministry of Culture, the Haute École des Arts du Rhin has some 700 students and offers 20 higher education courses and qualifications. On 3 different campuses in Strasbourg and Mulhouse it trains creative artists in six areas of the visual arts (Art, Art-Object, Design, Graphic Communication, Illustration, Information Design, Textile Design, Scenography) as well as musicians, both performers and composers.

HEAR is renowned for the variety of its specialisations and the technical facilities it offers, which give students the scope to discover or pursue an existing interest in a wide range of practices, accompanied by specialist teachers. On the Strasbourg campus, the Art-Object course therefore trains artists through experimental practice with different media in six specific workshops (Clay/Ceramics, Glass, Metal, Paper/Book, Jewellery, Wood), which all share the same focus on materials and their use in the development of an artistic project.

DMDM__Catalogue_2021def.indd 232 03/11/2021 12:34

Martin Albouy
(Métal, 2021)

Mélanie Battocchi
(Verre, 2021)

Louis-Noël Bretonnière
(Bois, 2019)

Valentine Cotte
(Terre-Céramique, 2020)

Emma Dupré
(Verre, 2021)

Lise Hay
(Livre, 2019)

Yvanne Laurent
(Bijou, 2021)

Romane Lasserre
(Terre-Céramique, 2020)

Yoshikazu Goulven Le Maitre
(Métal, 2021)

Joseph Levacher
(Livre, 2021)

Juliette Même
(Bijou, 2021)

Lisa Muller
(Terre-Céramique, 2021)





Manon Pourcher
